# D’So vum Marxeweier

Ween haut iwwer d’Schëfflénger Koppe sträift, dee kann sech käum virstellen, daat viru laange Joren uewen op der Héicht am Marxelach e schéine klenge klore Weier louch. Vu wou dee Wier mat Waasser gespeist gouff, konnt bis haut nët richteg festgestallt gin. Änt ass awer sécher: den Zoufloss vum Waaser wuar esou grouss, daat de Weier iwwergelaf ass. Deen Iwwerlaf ass an enger monumentaler „Cascade“ d’Fielsen erofgefall uewen am Ellergronn op deem Däl, deen nach haut „Am Waasserfall“ hääscht.

Em dee Biergweier, deen zënter laange Jore verschwonnen ass, schwieft eng So, déi deene määschte Schëfflénger Leit sécher nët bekannt dierft sin. Et sin elo ongeféier 50 Joër, datt ech déi So mat mär erëmdroën, ouni jee eng Kéier driwer geschwat ze hun.

Um „Klapp“, do wou fréier dem Marc Schané séng Metzlerei stung, stung änt vun deenen eelste Schëfflénger Haiser. An deem Haus huet déi al Joffer Madeleine Brendel (man Hausnumm „Posse Léin“) gewunnt. Et wuar eng léif al Persoun an hiirt Haus wuar bannen a bäussen grad esou propper, wéi hir wäiss gezaangten Hauwen, déi se sech zu 82 Joër nach selwer gewäsch a gestreckt huet. Ech wuar deemols e Bouf vun er Joër 10 an ech hu der „Possen“ ëmmer hir Kommissioune gemaach. Duerfir hun ech dunn all Samschdeg en „décke Sou“ kritt. Wann ët der Joffer gutt gemengt wuar, dann huet se mär vun den „Haimondskanner“ geschwat, oder vum „Schnappmännchen“, oder vum „Lankélzer Wollef“. Bei esou enger Geleënhät huet se mär dann och d’Gechicht vum „Marxeweier“ an dem „Schmëttbierchen“ verzielt:

Do uewen am Marxelach louch viru laange Joëren e klenge, kristallklore Mardell. Dat Waaser wuar esou hell, daat d'Meedercher aus dem Duerf hiren Houfert dran gespigelt hun. Ganz couragéiert Borschte si sech samschdes dra buede gaangen. De Weier hat d'Form vun engem Triichter an e soll wéinstens 100 Maansschréck ronn gewiecht sin. Et as awer ni engem gegléckt, bis op de Fong ze däuchen. Den Iwwerlaf vum Weier as sals wonnerschéi Cascade iwwer deen naturgewuessene Béngerléck den Ellergrond erof gelaf. Bei hellem Liichteschäin konn ä vu fäerem no Hallefnuecht aus dem Geplätscher vum Waasserfall, wéi vun Engelsstëmme gedroën, dem Erléisungsgesank vun de Waasserjofferen noläuschteren. De Mäertzbierg eriwwer sin nämlech all Nuet d'Gääschter vundeene verstuerwenen ale Jofferen, déi u kä Mann komm wuaren, bei de Weier komm an hun do bis an de Mueren eran a blo-gringe Schleieren iwwert dem Weier geschwieft. Nuet fir Nuet hun se do hiren Erléisungsgesank virgedroën: Erléist gouff eng Séil, wann am Duerf näs eng al Joffer gestuerwe wuar. Dat konnt ënner Emstänn laang zougoën, well a Schëffléng déi al Jofferen ëmmer méi rar goufen. D'Waaser vum Waasserfall hat – wéi ët an der So hääscht – eng Wonnerkraaft. Ween 8  Deeg laang all Owend vun deem Waasser gedronk huet, konnt sécher sin, datt hien nët bräicht als Jonggesell oder al Joffer ze stierwen.

Prëssëssiounsweis koumen d'Jongen an d'Meedercher vu wäit a brät bei de Waasserfall, a munnech Këpppelche soll esouguer schon den éischten Owend zesummen aus dem selwechten Patt gedronk hun. Dat wuaren nach schéin Zäiten, ma do op ämol koum iwer Schëffléng an d'ganz Emgéigend eng grousseg Plo: e puer ganz dréche Joëren hun op de Felder alles verdiere geloos. Alles stung do wéi no enger grousser Saang. No an no sin all Duerfpëtzer verdréchent. Dat äänzegt Waaser, wat nach an der Géigend wuar, koum vum

Waasserfall aus dem Marxeweier, deen opgefëllt gouf vun den Tréinen, déi di al Jofferen nuets dra gekrasch hun.

Do hun d’Leit ugefaangen, um Fouss vun de koppen no Quellen ze sichen. Den Duerfschmatt hat uewen un der Ellerwiss e Bësch, an ënnen an deem Bësch huet e mat séngem Gesell mat engem laange schwéieren Drill zu frecks gebuert. Keng Minutt gouf gerascht a bluddeg Bloderen ewéi Daleren haten s’un den Hänn. Nom siwenten Dag gouf hir Aarbecht lelount: aus deem lämege Buedem huet ët d’éischt geschäimt a gegëscht, bis ep ämol e Risel bluttrout Waaser aus dem Lach gelaf koum.  Vu Stonn zu Stonn ass d’Waasser ëmmer méi kloër an de Strank ëmmer méi déck gin. D’ganzt Duerf koum de Bierche bewonneren. No aacht Deeg wuar d’Waasser sëlwerhell  an de Strank kéikundeldéck. Schëffléng hat vun do un säi „Schmattsbierchen“!

Ma läuschtert elo! – Vun deem Dag un, wou de „Schmëttbierchen“ gelaf ass, huet dee schéine Waassserfall ugefaangen ofzehuelen, bis op eng Kéier keng Drëps méi gefall ass. De Wasserspigel vum Marxeweier ass ëmmer méi déif am Triichter gefall, bis en op eemol ganz ausgedréchent wuar. Wat wuar geschitt?  - De Schmatt a säi Gesell haten d’Häerz vum Weier ugebuert. Mat deër leschte Niwwelsträif, déi vum Waasserfall duerch den Ellergronn erofgezun, wou se elo hir lescht Rou halen. Ni méi koum dee schéine Gesank vum Waasserfall duerch den Ellergronn an d’Duerf gezun.  – Esou vergi vill Schéinhäten aus der gudder aller Zäit!

De Schëfflénger ass awer än Trouscht bliwwen: d‘ Waasser vum Schmëttbierchen huet déi selwecht Kraaft behalen eweéi déi vum Waasserfall, an dofir kënnen eis Joffere roueg virun duer drénke goën.

# D’Lidd vun de Waasserjofferen

Wa knaschtege matschege Schnéi
nach Strooss a Feld bedeckt,
wann d’Sonn mat viller Méi
de Rescht ewech geleckt,

Wann d’Gukucksblumme bléi’n
D’Märéischen ass erwaacht
De Spiëcht hät déckeg  Spéin
An d’Tuertel häerzlech laacht,

Wann d’Sonn vu mueres fréi
Bis owes flimreg blénkt
Wann d’Bouwen hidden d’Kéi
Bis d’Nuetsklack roueg klénkt,

Wa grofatzegen Niwwel
Laangscht däreg Hecke stäicht
Am fiichte Gras um Himmel
Den Hiesche sech verkräicht,

Wann ëm den Hierscht fällt d'Laf
Gielgoldeg vunde Bäm
Wann d'Penséen um Graf
Vermëttlen dausend Dräm.

Dann denken ech undeen deen
Dee mär hat Tréi geschwuer
Dann denken ech un Häm
Wou ech main Häerz verluer,

Dat wuar an engem Duerf
Sou kleng an och sou reng
Ët wuar mäin Hämechtsduerf
Ët wuar mäi „Schëffeléng"

D'So vum Marxeweier ass vum Victor ROBERT (1902-1990), langjähregen Awunner aus der Klappstrooss zu Schëffleng geschriwwen gin.